



N°6661
Entrée le 16.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.08.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/08/2022

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech
lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

De 25te Juli huet de Conseil des maladies infectueuses eng iwwerschaafte
Recommandatioun zum Asaz vum Monkeypox Vaccin verëffentlecht. Lëtzebuerg krut 1400
Dose fir d'Krankheet ze bekämpfen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Wäert d'Regierung dësse Recommendatiounen an alle Punkten nokommen?
Wann nee, wéi eng Recommendatiounen wieren hei betraff a firwat?
2. Huet Lëtzebuerg genuch Vaccinen, fir dësse Recommendatiounen an der Praxis all
ëmzesetzen? Wann nee, wéi vill Vaccinë brauch Lëtzebuerg, fir all deenen am Avis
vum Conseil des maladies infectueuses genannte Persounengruppen eng Impfung
z'offréieren?
3. No wat fir enge Krittäre gouf decidéiert, wéi vill wéi een EU-Land u Vaccin kritt? Wéi
gouf d'Fro nom Besoin hei definéiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député



www.piraten.lu



Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6661 vum 16. August 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

D'Regierung huet den 2. August 2022 décidéiert d'Recommandatioun vum Conseil supérieur des maladies infectieuses vum 25. Juli fir d'Impfung géint Monkeypox ëm ze setzen. D'Impfung huet och an deem Sënn den 16. August am Service national des maladies infectieuses ugefaangen.

Lëtzebuerg krut iwwert den europäeschen Mechanismus vum „Joint Procurement“ via d'Health Emergency Response Authority (HERA) 1.440 Dosen Impfstoff an enger éischter Liwwerung, obwuel Lëtzebuerg initial 2.500 Dosen gefrot hat. Dëst ass z'erklären well d'Dosen nom pro rata vun der Bevëlkerung zwëschent den EU-Länner verdeelt goufen. An Europa goufen 6 Länner (z.B. Frankräich an Däitschland) prioritär beliwwert well d'Epidémie bei hinne ugefaangen huet an si initial vill méi Fäll haten. Lëtzebuerg war bei der zweeter Ausliwwerung dobäi.

Eng weider Liwwerung vu Vaccin ass fir Enn dës Joers virgesinn, woubäi nach keen genauen Liwwerdatum a keng genau Quantität vu Vaccin bekannt ass. Et ass och méiglech dass verschidde Länner hier Dosen net all opbrauchen, an si déi dann aneren Länner zur Verfügung stellen.

Et ass aktuell net méiglech genau ze soen ob Lëtzebuerg genuch Impfstoff huet fir all Leit déi vum Avis vum CSMI viséiert sinn ze impfen, well et keng genau Statistiken iwwert d'Risikogruppen gëtt, a well dat vill vun der Impfbereitschaft vun de betroffenen Leit ofhänkt. Frankräich huet eng Estimatioun opgestallt no der si 250.000 Leit sollten impfen; dëst wier erfogerechent fir Lëtzebuerg (eis Populatioun ass ongeféier 100-mol méi kleng) eng Ronn 2.500 Leit. Och wann a Frankräich d'Impfung elo schonn säit e puer Woche leeft, hunn sech bis elo awer manner wéi 40.000 Leit impfen gelooss. Zwëschent der Estimatioun an der Realitéit um Terrain leit also hei eng grouss Differenz.

D'Europäesch Medikamentenagence EMA ass och am gangen z'évalueiren ob een aneren Administratiounsmodus et erlaben kéint mat enger méi klenger Dosis pro Persoun ze impfen, an doduerch eng méi grouss Unzuel un Leit am ganzen kënne ze impfen. Falls d'EMA an deem Sënn eng Recommendatioun géif maachen, géif Lëtzebuerg déi aller Wahrscheinlechkeet no och iwwerhuelen.

Lëtzebuerg, den 18. August 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert